MAACH DECH OP D'SOCKEN!

Du bass op der Sich no engem Challenge dëse Summer? Da maach mat!

Sammel Kilometere fir de Restaurantsprojet

CONCEPT21

vun TRISOMIE 21 Lëtzebuerg asbl

Méi Infos op www.trisomie21.lu

BEWEEG DECH AN ËNNERSTËTZ DE PROJET

CONCEPT21

De Projet „CONCEPT21“

Een innovativen an inklusive Restaurant, deen déi berufflech Inklusioun vu Mënsche mat Trisomie 21 vereinfachen an hiert eenzegaartegt Potenzial wäertschätze soll.
De Restaurant soll 2021 zu Bieles seng Dieren opmaachen.

D'Challenge

Beweeg dech a sammel Kilometere fir de neie Projet „CONCEPT21“ ze ënnerstëtzen. Sich dir Sponsoren déi pro Kilometer oder einfach e feste Montant spenden.
Wéivill gespent gëtt kann de Sponsor selwer decidéieren.
Sponsor ka jidderee sinn: Frënn, Famill, Noperen, Entreprisen,...

Wéi sammelen ech Kilometeren?

Sammel Kilometeren andeems du lafe gees, spadséieren oder wanderen, schwammen, Vëlo fiers, ...

Wéi laang hunn ech Zäit?

Den Challenge leeft vum 1. bis den 31. August 2020.
Du kanns entweeder iwwert de ganze Mount verdeelt oder an engem Dag Kilometere sammelen.

Du sichs en Challenge a bass motivéiert bei eiser Aktioun matzemaachen?

Da mell dech iwwer Facebook oder am Sekretariat
Telefon: 26 78 74 51 **Mail: educ@trisomie21.lu**

TRISOMIE 21 Lëtzebuerg a.s.b.l.